

# Stammbamfuerschung

Wann hien um Stammbam vun der Famil Kaps-Dorner schafft, da gëtt de Prokurist a Stadpolitiker Michel Kaps net gäre gestéiert. D'Gefor, datt ee bei hien an de Büro raplatzt, ass allerding net grouss, well bei him, an deem alen, grouse Jugendstilhaus um Boulevard de la Pétrusse, wunnt just nach en éiwege Student: säi Fils, de Bob Kaps. An dësen Deeg a Wochen ass de Bob doheem a këntt elo, ouni ze klappen, eran an dat héicht Büros-gemaach, dat nawell iwuerluede wierkt. Déi béid schwätzen zënter laangem just nach dat Allerméidegst mateneen, an ëmsou méi ass de Papp rosen an an engems verwonnert, wéi de Bob him en opgeschloent Buch op de Schreifdësch klaakt, „lies dat!“ seet, eegaangs nees aus dem Allerhellegsten ass an d'Dier vu baussen zouzitt.

De Michel Kaps kuckt nach ee Moment rosen op d'Dier, leet dann e Bic an déi opgeschloen Säiten a kuckt sech d'Buch vu baussen un. „Herrgottskanner“ heescht et an ass vun engem gewëssene Ray Mollet. De Michel Kaps kennt dee roude Geriichtschonist a weess och, wat deen an senge Bicher zum Beschte gëtt. Hie wëllt net a fänkt awer un dat ze liesen, vun deem de Bob ëm zéng Auer owes mengt, datt hien, de Papp, et liese misst. Hie weess net firwat, scho beim Titel vun där Geschicht op der Sait 100 spiert hien e lichte Stach an den Träipen. Hie liest a liest, d'Geschicht ass keng kleng.

De Bob steet e Stack méi héich an der oppener Fënster a kuckt rof an de Pétrussdall. Hie kann sech et net ausdäitschen, mä nodeems hien déi Geschicht gelies an se lo dem Papp ënnert d'Nues geriwwen huet, ass et him en hallwen Zenner méi licht. Kees hätt hie gemengt, deem Alen, deen dobannen un sengem Stammbam knéchtelt an d'Dokteren, d'Affekoten, d'Professeren an d'Ingenieuren nëmmen sou an d'Äscht um Bam placéiert, sou eng mam Hummer op de Kapp dierfen ze ginn. Haut den Owend ass am Pabeierbiere eng Sëffecht fälleg.

't si sechs an en halleft Joer hier. Op dee Fuesméidegnomëttég koum deen Telefon vun Nancy Weber vun Radio. Hie war um Spronk fir an déi lescht Prouf vun hirer Kapesetzung, déi d'Marburger Studenten traditionsgeméis op dësem Dag am „Cercle“ op der Plëss ofzéien. Deen Owend ass seng ausgefeilte Bidderied ausgefall.

't war den Ufank vun e puer Stonnen an Deeg, déi de Bob kengem wënsche géif. „Deng Schwëster heescht dach Angela“, sot d'Nancy vum Radio. „E Fierschter huet en Angela Kaps an engem Bësch op der Kräizerbuch fonnt, gebuer den 18. 11. 1982; ass dat deng Schwëster? 't hat seng Identitéitskaart bei sech. Wann et deng Schwëster ass, da sou mer näischt dervun um Radio, o.k.?“

„Dat ass meng Schwëster“, sot hie just, fuesméides, viru sechs an engem hallewe Joer. Zwéin Deeg virdrun hat d'Nancy nach en Interwiev mat him iwwert hir Marburger Kapesetzung gemaach.

Wat war dat Schlëmmst? Datt d'Angela dout war oder dem Papp seng Gesprécher? De Bob huet deeselwechten Owend, wéi se zesummen am Auto bei déi Duerfendarmerie gefuer sinn, eng aner Ried gehalen, wéi déi, déi e fir am „Cercle“ geprouft hat; a wat en sech méi an den Äifer geriet huet, wat e bei deem hannerem Steier méi op Granit gestouss ass. Mä deem seng Hänne um Steierrad hu vun Zäit zu Zäit geziddert, de Bob gesäit se haut nach virun sech zidderen; an deen Dialog, deen s'um Wee fir dohin an och nach fir nees heem gefouert hunn, klängt him haut nach an den Oueren.

„'t wier ni geschitt, wann et mat dir hätt kënnen schwätzen“, sot de Bob deemools um Niewesetz. „Awer virun sou engem Papp muss ee jo Angscht hunn. Oder firwat mengs de, datt et mir säi Misär verzielt huet an net dir? Wat huet deen Detektiv dech da lo gedéngt, deen s de him zu Arel op de Pelz gesat has? 't huet awer een him e Kand gemaach, a wann een sou e Papp huet, da geet een un sou eppes futti; quod erat demonstrandum.“

„'t hat kee Frënd zu Arel, de Grégoire ass formell. Dat ass e Meedercherspensionat.“

„Dee Grégoire fährt dach just, du géifs e lo net bezuelen! D'Fraleit sinn dach och aus dem Internat rauskomm! An heiheim? Wat weess e Schäipche vun Arel Detektiv da vun heiheim aus der Stad? D'Angela war dach praktesch all Weekend heiheim, souwäit wéi ech weess!“

„Deenen, déi keng Charakterstärkt hunn, fir Abstinenz ze praktizéieren, deenen hunn se jo Mëttelcher genuch erfionnt, meng en ech.“

„Ma dat muss du nach grad soen!“

De Bob huet gekacht. En huet nach gekacht, wéi se mat engem Jandaarm an déi äiskal Morgue gounge. Do huet schonn e Mënsch mat enger Russekop gewaart, deen den Deckel vun der Lued opgehuewen huet. 't war d'Angela, dat do mat gefaaltene Hänne an der Këscht louch. De Papp sot kee Wuert, huet just mam Kapp gewénkt an sech ëmgedréit. Dat Ganzt hat keng Minutt gedauert.

„Däin Apdikteschfrënd Eisener, dee mat dir an deem ‚Cercle Humanae Vitae‘ sëtzt, ass grad sou ee wéi s du“, ass hien ënnerwee fir heem virugefuer. „De Meedercher d'Pëll refuséieren, awer eng eegen, bestuete Provisorin rausgeheien, well se schwanger gouf, bravo! An dann awer och konsequent géint all Avortement, super!“



„Moral muss sinn, wuer kéime mer soss hin?“, krut en zréckgeknoutert.

„Op d'Kräizerbuch“, wéi s de gesäis.

„Zu eiser Zäit si mer mat ‚Ogino-Knaus‘ gutt gefuer.“

„Dofir hunn d'Leit fir hir Kannerhichecht jo och ‚d'Knaisercher‘ gesot.“

„Wann deng Mamm an ech eng Hichecht Kanner gehat hätten, da wiers du net nach mat 29 Joer op enger Universität.“

„Du hues um Fetschenhaff keng Tréin fale gelooss“, sot en e puer Deeg méi spët zu sengem Papp, dee keng Annonce an d'Zeitung gesat hat, dee kee Mënsch op d'Begriffnes geruff hat an dee ronnt kritt hat, datt d'Begriffnes scho mueres ëm néng Auer war. Niefert dem Papp an him, dem Paschtouer, engem Massendénger an zwéin Doudegriewer war néirewou e Mënsch z'erblécken. „Net eng Tréin hues de gekrasch fir däin eenzegt Meedchen.“

„Wann deng riets Hand dech iergert, da schlo se rof, 't steet schonn an der Bibel“, koum déi hees Äntwert.“

„An der Bibel steet och dee Sproch, datt d'Leift dat Gréisst wier.“

„Ech halen et awer mat deem aneren.“

Dat war de Broch. An haut, elo an dëser Stonn, weess de Bob, datt hien hei raus, d'Nuebelschnouer ee fir alle Mol duerchschnaide muss; hie muss d'Wallisse paken. Awer deem Ray Mollet seng Recherchen doe gutt bis an déi déck Zéif.

Iwwert eng vun sengen Ur-, Urgroussmammen an der siwenter Generatioun hat de Michel Kaps an der no- a wäitleefeger Famil nëmme Groussaarteges héieren. An sengem Stammbamsdossier, deen e virun ongeféier zwanzeg Joer ugeluecht huet, leien Dokumenter, déi net nëmme beleeeën, datt déi Angela Dorner eng Wiertschaft hat, mä och, datt se Hiewann war an de Familjemammen an der Ennerstad wéi eng gutt Séil virkomm ass. Eenzel iwuerliwwert Aussoe vun alen Neiduerfer, iwuer „Domesch Engel“ nëmme Guddes héieren ze hunn, huet hien ëmmer rëm gelies. Souguer gefale Meedercher hätt d'Hiewann bei sech opgeholl, se duerno mat hire Brillen nees als zerguttstert Mënschen ënnert d'Leit bruecht.

't ass nach kee Joer hier, datt hien am Konzell virgeschloen huet, där Fra eng Plack opzehänken.

't geet op Mëtternuecht zou. Dem Mollet seng Geschicht vun där Angela Dorner, der „Engelsmécherin vun der Hierzekrëpp“, déi 1811 ënnert d'Guillotine koum, huet hie wéi am Dram gelies. Hie war just fäerdeg, wéi en de Bob héieren huet aus der Garage fueren.

't ass eng schmeier Summernuecht. Béid Fënstere sti späraangelwäit op. Hie kuckt laang rof an d'däischer Pétruss an hëlt um Enn den Dossier ausereen. Hien hält ee vun deene laange Fixspéin drënner. Den oppene Kamäin huet e gudden Zoch. Um Enn bleibt nach e Grapp Äschen.

Josy Braun

Käthe Kollwitz  
Die Selbstmörderin, 1928